



**Gemeinsam Äntwert a vun der Justizministesch a vum Staatsminister zu der  
parlamentarescher Fro n° 7942 vum 28. Abrëll 2023  
vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT**

1. D' Délégués du Gouvernement sinn un sech eng al Funktioun déi et scho beim Comité du Contentieux vum Staatsrot ginn ass.

Den Délégué vertritt de Staat an Affäre wou e recours géint eng Decisioun vun engem Ministère agereecht ginn ass. Den Délégué spréngt net an an Affären vu Gemengen an établissements publics, déi all duerch en Affekot beim Verwaltungsgeriicht vertrauede gi.

Am Ufank ass dës Funktioun just vun héije Beamte vum Justizministère besat ginn. An de leschte Jore sinn och Beamten ( Juristen) genannt gi bei anere Ministère déi eng héich Zuel vun Affären virun den Verwaltungsgeriichter hunn.

2. 2013 gouf et 9,5 Poste vun Délégués du Gouvernement.
3. Am Mee 2023 ginn et 17,5 Poste vun Délégués du Gouvernement. Vill vun deene Poste sinn an den Ministère op verschidde Leit opgedeelt ginn.
4. All déi Délégués du Gouvernement si reegelméisseg aktiv, souwuel an der Preparatioun vun den Memoiren, wéi an der Presenz an den Audienze vum Tribunal administratif an der Cour administrative. Den aktuelle statistesche System erlaabt keng Opschlëssung tëschent den Affäre mat/ ouni Délégué. En annexe sin Zuele vun all den neien Affären virun de Verwaltungsgeriichter déi lëscht 10 Joer.
5. En Poste vun Délégué du Gouvernement gëtt mat enger Primm vun 120 Punkten am Mount remuneréiert. Déi eenzel Posten si meeschtens op méi Leit an engem Ministère opgedeelt.
6. De Staat huet an de Joren 2013 bis 2022 en Gesamtbetrag vun 3.551.014 Euro ausbezuel.
7. De Ministère oder d'Administratioun déi ugesicht gëtt decidéiert eleng op si sech vun engem Affekot oder engem Délégué du Gouvernement vertrieede léisst. A gréisseren oder méi komplexen Affären ass dat heiansdo de Fall. De concernéierte Ministère freet an deem Fall d'Autorisatioun fir d'Prise en charge vun den Honoraire via de Budget vum Ministère d'État beim Staatsministère un, ausser de concernéierte Ministère hätt selwer esou e Budgetartikel zur Dispositioun.
8. Eng Rei Ministère hunn en eegenen Budgetskredit den als „Frais de contentieux“ libelléiert ass an doriwwer ginn all d'Affekotskäschte bezuel, souwuel déi virun den ziville Geriichter wéi déi virun den administrative Geriichtsbarkeeten. De Libellé vum Dossier den op Grond vum Budgetartikel bezuel gouf gëtt keen Opschluss ob d'Affäre virum Verwaltungsgeriicht oder engem anere Gericht war. Aus deene Grënn ginn et keng genau Zuelen iwver just Verwaltungsgeriichter.
9. De Ministère dem seng Decisioun ugefecht ginn ass sicht sech säin Affekot eraus an der Haaptsaach op Basis vun dem senger Kompetenz an der spezifescher Matière, wéi och senger Professionalitéit, dem

Suivi den all traitéierten Dossier an der Vergaangenheet krut, wéi och der Satisfaktioun bei eventuelle viregten Affären , esou wéi och den Tarif vun den Honorairen.

10. Et gëtt keng esou Donnéeën (cf. Äntwert op d'Fro 8) an esou Zougehéieregkeeten vun Affekoten(inn)en zu Etuden sinn och net stabil iwwer d'Zäitschinn vu 5 Joer.
11. All Affekot leet säin taux horaire selwer fest. Wann ee Client net mat dem taux horaire zefridden ass kann en, wéi all Justiciabel, eng taxation d'office beim Barreau ufroen.
12. Compte tenu vun de spezifesche Matièreen an der Spezialisatioun vun eenzelen Etude, ass net ausgeschloss dass ee Ministère ëfters op eng selwecht Affekoten Etüd zeréckgräift.
13. D'Servicer vun der Comptabilitéit vum Staat regroupéieren d'Ausgaben no Budgetsartikel. Dësen Total regroupéiert awer souwuel de « Contentieux administratif » wéi och de « Contentieux judiciaire ». En plus sin an dem Montant all d'« Frais connexes » mat dran, déi och iwwert dee Budgetsartikel bezuelt gin, wéi z.B. Huissierskäschten, Frais et Dépens, oder och Indemnités de procédure, déi an enger Affär ufale. Genee Zuele just fir de « Contentieux administratif », ewéi vum honorablen Députéierte gefrot, ginn et also net (cf. och Äntwert op d'Fro 8).

Année	Cour affaires nouvelles	Cour arrêts	Tribunal affaires nouvelles	Tribunal jugements
20/21	249	292	1105	1001
19/20	249	219	989	975
18/19	214	220	1499	1159
17/18	246	265	1354	1118
16/17	274	258	1395	1260
15/16	269	277	1264	1146
14/15	300	288	1439	1235
13/14	348	350	1503	1268
12/13	292	214	1615	1127
11/12	269	302	2103	1094

Lëtzebuerg, den 24. Mee 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson